

# SANDWEILER Aktuell

05-2025 08.10.2025

## Erënnerung un d'Proprietairen: Ënnerhalt vun Hecken a Beem

Léif Biergerinnen a Bierger, mir wëllen Iech drun erënneren, dass d'Proprietairen dofir suerge mussen, datt hir Beem an Hecke weder d'Nopesch Proprietéit nach d'ëffentlech Strooss behënneren. Si mussen och déi néideg Schnëttaarbechten duerchféieren an hir Gréngflächen an engem gudden Zoustand halen.

De Schnëtt ass wärend bestëmmte Perioden am Joer verbueden, fir d'Fauna ze schützen. D'Ofstänn, déi mussen agehale ginn, si wéi follegt: Fir Beem, déi manner wéi 2 Meter héich sinn, ass de Schnëtt op engem Ofstand vun 2 Meter vun der Propriétéitsgrenz erlaabt.

De Schnëtt vu Beem an Hecken ass duerch de Code civil an d'Gesetz iwwert de Schutz vun der Natur gereegelt. Et ass verbueden, lieweg Hecken, Gestrëpp a Beem an der Noperschaft vu Bëscher ze haen, ausser et läit eng virdrun ausgestallt Autorisatioun vir.

Fir méi Informatiounen empfeele mir Iech, d'Artikele 671 bis 673 vum Code civil an d'Artikelen 3 an 17 vum Gesetz vum 18. Juli 2018 iwwer de Schutz vun der Natur an de natierleche Ressourcen ze consultéieren.

Mir soen Iech villmools Merci fir Är Kooperatioun fir eis Ëmwelt ze erhalen.

## Rappel aux propriétaires : Entretien des arbres et haies

Chers citoyens, nous tenons à vous rappeler que les propriétaires sont tenus de s'assurer que leurs arbres ne nuisent pas à la propriété voisine ni à la voie publique. Ils doivent également effectuer les coupes nécessaires et veiller à maintenir leurs espaces en bon état.

La coupe est interdite durant certaines périodes de l'année pour protéger la faune. Les distances à respecter sont les suivantes : pour les arbres de moins de 2 mètres de hauteur, la coupe est autorisée à une distance de 2 mètres de la limite de propriété.

La coupe des haies et des arbres est réglementée par le Code civil et la loi sur la protection de la nature. Il est interdit d'abattre des haies vives, broussailles et arbres situés à proximité des forêts, sauf en cas de dérogation avec autorisation préalable.

Pour plus d'informations, nous vous conseillons de consulter les articles 671 à 673 du Code civil et les articles 3 et 17 de la loi sur la protection de la nature et les ressources naturelles du 18 juillet 2018.

Nous vous remercions de votre coopération pour préserver notre environnement.

GEMENG SANDWEILER

18, rue Principale • L-5240 Sandweiler • Tél.: 35 97 11 - 1 • Fax: 35 79 66



## Nationale Gedenkdag den 19. Oktober 2025

Den Nationale Gedenkdag ass der Erënnerung un de Kampf vum Lëtzebuerger Vollek wärend der Besetzung vun 1940-1945 gewidmet. Den offiziellen Datum vum Gedenkdag fält dëst Joer op Sonndeg, den 19. Oktober 2025.

**Eng feierlech Mass gëtt um 9:30 Auer an der Kierch zu Sandweiler zelebréiert**, duerno gëtt eng Gerbe beim „Monuments aux morts" niddergeluecht. Uschleissend offréiert de Schäfferot en Eierewäin am Centre culturel. Fir dësen Dag ugemoossen ze feieren, luede mir lech häerzlech an, un dëser Feier deelzehuelen.

## Journée de Commémoration Nationale le 19 octobre 2025

La Journée de Commémoration Nationale est consacrée au souvenir de la lutte menée par le peuple luxembourgeois pendant l'occupation de 1940-1945. Pour cette année, la date officielle de la Journée a ete fixée au dimanche 19 octobre 2025.

**La messe solennelle qui aura lieu à 9h30 à l'église de Sandweiler** sera suivie d'un dépôt de gerbe devant le «monument aux morts» et ensuite d'un vin d'honneur au centre culturel, offert par le collège des échevins et bourgmestre. A cette occasion, vous êtes cordialement invités à assister à cette cérémonie.




